Lëtzebuerg, den 1. September 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*« D'Waasserschutzzonekonzept ëm de Stauséi vun Esch-Sauer sollt den 22. Dezember 2018 a Kraaft trieden. D'Baueren aus der Regioun hunn 2015 mat hire Partner, der SEBES an dem Naturpark, eng « Landwirtschaftlech Kooperatioun Uewersauer » (LAKU) gegrënnt mam gemeinsamen Zil, eng gewässerverträglech Landwirtschaft ze bedreiwen, ouni dobäi wirtschaftlech Nodeeler ze kréien.*

*An deem Zesummenhang wollte mir folgend Froen un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung stellen:*

- *Wou ass de Projet vum Règlement Grand-Ducal vum Schutzzonekonzept ëm de Stauséi vun Esch-Sauer de Moment drun?*
- *Kënnen d'Madamm Ministesch an den Här Minister bestätegen, datt véier Baueren aus dem Comité vun der LAKU demissionéiert hunn, mam Argument, si hätte kee Gehéier bei de jeeweilegen Administratioune fonnt?*
- *Wéi vill Sue sinn iwwer de Waasserfong déi lescht Joren an d'Regioun geflоss fir z.B. landwirtschaftlech Déngschtleeschtungen ze ënnerstëtzen?*
- *A leschter Zäit goufe massiv Terrainen an der Stauséiregioun vum Staat opkaaft, déi dann elo u Bauere verlount ginn, déi net aus der direkter Regioun sinn, wärend bestoend Betriber net berécksiichtegt goufen, déi hir Exploitatiounen an den Dierfer um Stau hunn. Kann den Här Minister dëst bestätegen? Wa jo, firwat ass dat sou decidéiert ginn?*

- *Verschidden Agrar-Ëmwelt-Klimaprogrammer wéi z.B. den M12-Art.30 si speziell fir Waasserschutzzone virgesinn. Vu wéini un kënnen dës speziell Primmen ausbezuelt ginn?*

- *Eng Rei Oplagen an Obligatioune sinn am Waasserschutzzonen-Reglement opgelëscht. Z.B. dierf iwwer d'Wantermëint keng Mëscht méi um Feld stockéiert ginn. Wat fir eng Aiden si virgesinn, fir datt d'Baueren z.B. eng « Mistplatte » mat Sickergrouf baue kënnen?*

- *Kann e Bauer dobäi och eng Derogatioun kréien, wann hie keng sou eng Investitioune wëll maachen, well hie vläicht an e puer Joer drun denkt fir seng landwirtschaftlech Aktivitéiten anzestellen?* »

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten